**Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement à la Convention du 14 janvier 1964 conclue en exécution de l'article 37, alinéa 2, du Traité instituant l'Union Economique Benelux, signé à Bruxelles, le 6 juin 2012 6505 - Projet de loi portant approbation du Protocole modifiant le Traité du 31 mars 1965 relatif à l'institution et au statut d'une Cour de Justice Benelux, signé à Luxembourg, le 15 octobre 2012**

**Här Präsident, Dir Dammen an dir Hären, Här Minister**

Ech soen dem honorablen Marc Angel Merci fir säi schreftlechen an mëndleche Rapport.

Well Letzebuerg d'Présidence vum Benelux Parlament fir d'Joeren 2013 an 2014 huet, erlabe ech mir e puer Gedanken zu dessem Gestzesprojet.

Et ass primordial, d'Wichtegkeet vun der Zesummenaarbecht tëschend den 3 Länner vum Benelux ze ënnersträichen. Historesch si mir scho lang mateneen verbonnen.

Stunge mir ennert holläneescher Obregkeet tëschend de Joeren 1815 bis 1830, dann huet de revolutionäre Gedanken an de Joeren 1830 bis 1839 eis erlabt, d'Onofhängegkéet am Joer 1839 ze kreien.

Am Benelux Parlament get dachs drop higewiisen, dass sech dei 3 Länner zu London am Exil am Joer 1944 fir en Zesummengoen op wirtschaftlecher Säit ausgeschwat hunn.

Säit dem Joer 1958 besteet eng Union. Vill Leit dobaussen wëssen dat net, obwuel dëss enk Zesummenaarbecht vill Succèen hat an nach huet.

Et ass un eis, dess Unioun mei no un di 27 Milliounen Matbierger am Benelux ze bréngen.

Am Ufank gouf op de wirtschaftleche Volet an der Koopératioun gesat. Doduerch, dass d'Europäesch Unioun am Laf vun de Joeren dëse Créneau ëmmer méi besat huet, huet sech d'Union Benelux mat anere politesche Beräicher befasst. An daat fir a munche Bereicher die gemeinsam Politiken ze verdéiwen.

Esou zielen d'Kultur, d'Fuerschung an den Enseignement säit dem Joer 1995 zu de neie Vekteuren vun desser Kooperatioun.

Wann ech op déi lescht Joeren zereckkucken, da faalen mir och nach aner Bereicher wei d'Ambulanzwiesen iwert d'Grenzen, de Katastropheschutz bei greisseren Incidents, de Gewässerschutz, d'Drogenproblematik an d'Naturparken an.

Den Här Rapporteur huet de Punkt vun den Benelux-Archiven ugeschwat, déi an di national Archiven iwerfeiert solle ginn. Letzebuerg kritt domat d'Vocatioun vun dem Archiv vun der europäescher Geschicht.

Dei domat zesummenhängend Recherche brengt keng direkt wirtschaftlech Retombéen, dréit awer dozou bäi, d'Geschicht vun eisem Land a sengen direkte Noppeschlänner besser ze verstoen. Den CVCE gett hei mei staark an d'Recherche agebonnen.

Et ass am schrëftleche Rapport ze liesen, dass mir dem Generalsekretariat vun der Benelux en Datenzenter hei zu Lëtzebuerg zur Verfügung stellen.

Kann den Här Minister eis soen, wou dësen Datenzenter ugesiedelt gett? Kann hei och op eng bestehend Infrastruktur zeréckgegraff ginn?

**Här Präsident,**

De Protokol iwer dee mir ofstëmmen, enthält un sech nëmmen een Artikel. Dëssen ännert de Contributiounsschlëssel vun de Benelux-Länner an dem Benelux-Budget. An dé berout op dem Populatiounskoeffizient aus dem Joer 1965. D'Verléen vum permanente Sëtz vum Benelux-Geriichtshaff no Lëtzebuerg spillt hei eng wichteg Roll.

Eis Contributioun klëmmt vu 3 % op 6 % an dat retroaktiv op den 1. Januar 2012. Kann den Här Minister eis soen, wei heich eis Contributioun bis elo war an op welche Montant se eropgéet.

Mir fréen eis, dass de permanente Sëtz vum Benelux-Geriichtshaff, deen momentan zum Bréissel ass, no Lëtzebuerg verluet gëtt.

Die letzebuergesch Deputéierten an dem Benelux-Parlament hunn an de vergangene Joeren duerch d'Matdroen vun Recommandatiounen an desser Richtung, dessen Transfert no Letzebuerg gefrot.

D'CSV begreisst desse politesche Schrett, d'autant plus, wou de permanente Sëtz vum europäesche Geriichtshaff zanter 1965 zu Lëtzebuerg ugesiedelt ass.

**Erlabt mir awer vun desser Platz aus**, allen Deputéierten, die mat mir am Benelux Parlament engagéiert sinn, mei Merci auszespriechen. Vill Dossieren leien virun eis an duerch hieren Engagement welle mir dei 2 Joer vun der letzebuergescher Presidence am Benelux Parlament zu enger Success-Story feieren.

Ech ginn heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.